

Lëtzebuerg, de 27. Mäerz 2020

Avis zur der aktueller Schoulsituatioun **Covid-19 a seng Konsequenzen op Premierien**

“Ausnamesituatiounen erfuerderen Ausnamemoosnamen”, déi dréi Wierder si keng Excuse, mee leider Realitéit wärend de Zäiten, wou de COVID-19 eis Gesellschaft am Grëff huet. An dësem Brëif schreift d’CNEL, déi national Schülerkonferenz, wat Froe vun de Primaner sinn a wéi d’Problemer vun de Premièresexamen, déi de COVID-19 momentan mëscht, kéinte geléist ginn.

Déi folgend Froen a Léisungen si vu Schüler an de leschten Deeg ausgeschafft ginn. Dës Froen a Léisunge bezéien sech op de Fall, wou Schoulen den 20. Abrëll net kéinten opmaachen.

- **Fir d’éischt stellt sech d’Fro op d’Examensdatumer änneren?**

D’Primaner sinn sech bewosst, dass an der aktueller Situatioun et onméiglech ass, zu vill an engem Raum ze setzen an dofir och en Examen ze schreiwen. Dofir stellt sech Fro bei hinnen, op d’Examensdatumer bléiwen oder ugepasst ginn. Dat heescht op se verréckelt ginn, oder ugepasst ginn, falls extra Moosnamen fir den Examen geholl musse ginn, wéi zum Beispill nëmmen zu maximal 4 Persounen an engem Sall setzen.

Recommandatioun: D’Primaner géifen sech wënschen sou séier wéi méiglech eng transparent Äntwert ze kréien, fir si net an der Ongewëssheet ze loossen.

• **D'Primaner stellen sech Fro op d'Examen an de Schoulen normal duerchgefëiert ginn, oder gëtt no aneren Alternativen gesicht?**

D'Primaner sinn sech bewusst, dass et am Moment net gutt ausgesäit, dass si hier Exame normal kennen untrieden. Alternative wéi d'Examen doheem um Computer ze maachen, nëmmen 2 Schüler an engem Raum schreiwen ze hunn oder de Beispill vun der International School¹ nozegoen, maache scho Rumeuren.

Recommandatioun: D'Primaner wëllen hier Examen am Léifsten normal duerchféieren, si wieren awer averstanen sech unzepassen an zum Beispill nëmmen zu enger klenger Zuel den Examen an engem Raum ze schreiwen, soulaang Moosname geholl gi fir Ustiechungsgefor erfzesetzen.

Falls een am Mee nach ëmmer a Quarantine wier, wieren déi meescht Kllassesäll fräi, well déi aner Schüler müssen doheem bliiwen.

Déi Kllassesäll kéint ee benotzen, an e Minimum vu Schüler mat engem Proff dra setzen. Sou kann ee Sécherheitsmoosnamen och respektéieren (minimum 2 Meter Abstand, keen direkte Kontakt,...).

Et misst awer natierlech opgepasst ginn, dass fir all Fach eng Persoun am Gebäi do wier, fir op eventuell Froen ze äntwere vun de Schüler.

Déier Persoun muss erméiglecht ginn, en Accès an all Kllassesall ze hunn an de Proff deen am Sall ass mam Schüler deen eng Fro hätt, soll déi Persoun och ouni gréisser Problemer kontaktéiert kréien.

Am extreme Fall, wier een och bereet d'Examen em ee Mount ze verréckelen.

• **Et ginn vill Primaner, déi sech Suergen em déi Matière mann déi se ze léieren hunn, wéi gëtt deen 3/4 vum Joer definéiert?**

D'Primaner krute mat dass nëmmen 3/4 vun der Matière ze léiere wier. Si maachen sech awer do grousst Suergen, well vill Klassen sech net un Réienfolg vun der Matière gehalen hunn. Ausserdeem ass et an verschiddene Fächer esou, dass déi llichste Matière fir de Schluss gehale ginn ass. Dofir ass d'Angscht bei de Schüler grousst, dass si duerno Schwierigkeete mat verschiddene Froen hunn, well all Klass Ënnerscheeder an der geléierter Matière opweist. Ausserdeem gëtt et en riesen Ënnerscheed bei de Proffe mam Homeschooling. Verschiddener géifen hire Primaner immens ënnert Äerm gräifen an online Klassen halen, anerer wiere méi schwéier errechbar.

Recommandatioun: D'Primaner géifen sech wënsche Méiglechkeet ze hunn zwësche puer Froen auszewiele während dem Premièresexamen, fir ze vermeiden dass si Matière gefrot kréien, déi si net konnten am Detail gesinn. Et kéint een zum Beispill en Examen op 80 Punkten opbauen, a de Schüler muss nëmme fir 60 Punkte schreiwen. Dat heescht zum Beispill et kann ee Froe vun 20 Punkte fale loossen, also déi wou een net esou gutt dran ass, well een et net am Detail an der Klass gesinn huet.

D'Primaner géifen sech och wënschen, dass op nationalen Niveau fir all Klass a Sektoun nach eng Kéier genau definéiert gëtt, wat ee wësse muss. Dat hëlleft hinnen sech net op Gerüchter ze verloossen an e genauen Duerchbléck ze hunn, wat um Programm dëst Joer steet, well si hiert Joer net anstänneg ofschléissen kennen a de Klassen.

- **Verschiede Primaner hunn nach net all hier Prüfungen geschriwwen, wéi gëtt dat schlussendlech bewäert?**

Vill Primaner konnten nach net all hier Prüfungen schreiwen, a si froen sech wéi dat am Schluss vum Joer soll bewäert ginn, falls Schoulen hier Dieren net opmaachen.

Recommandatioun: D'Primaner wënschen sech hier Prüfungen an de Schoulen schreiwen ze kënnen.

Falls d'Schoulen hier Dieren net kennen opmaachen, wier et eng Méiglechkeet och wéi d'Examen, Prüfung a verschiddene Kllassesäll ofzehalen, fir dass Sécherheetsmoosname respektéiert ginn.

Oder eng Klass an de Festsall ze setzen, déi normalerweis grouss genuch si vir den direkte Kontakt ze vermeiden.

- **Vill Schüler fäerten, dass si net méi an de Cour kenne goe fir Froen ze stellen an direkt an d'Examen mussen**

D'Angscht ass dass Primaner elo kee Kuer méi hunn an alles doheem musse leieren, respektiv dass hier Proffe soen si hätten "alles" gesinn a keng weider Explikatioune méi kréien. Wéi scho vir drun erwäant, leeft den Homeschooling bei verschiddene gutt, bei anere maner gutt.

Recommandatioun: D'Primaner wënschen sech, falls Schoulen net opginn, dass hier Cours fakultativ, déi am Mee sollte stattfannen als online Hëllef-Couren ëmgewandelt ginn.

De Proff soll an deier Zéit iwwert Videochat online verfügbar sinn.

Am Beschte wier et, wann een déi Cours fakultativ Zäit och schonn 2 Wochen éischter ufänkt, well et dëst Joer wéinst dem Homeschooling warscheinlech och méi Ufroer vun de Schüler kommen.

Dobäi wënschen si sech och, dass et eng Helpline extra fir Premiere gëtt, falls een zum Beispill am Fall ass, wou de Premiersproff net verfügbar wier an een eng alternativ Ulafstell brauch.

- **Vill Schüler froen sech och wéi et no den Exame wieder geet. Am Hibleck op d'Diplomiwerrerrechnungen, Unisumeldungen an op Grenzen zoubléiwen**

D'Schüler sinn sech bewusst, dass do am Moment nach net vill Decisioune kenne geholl ginn, an dass een déi nächst Wochen ofwaarde muss.

Recommandatioun: D'Schüler géifen sech awer wënschen dass no de Premièresexamen, hier Diplomiwerrerrechnunge kenne stattfannen an net ënnerginn. Den Datum wier do och egal, Situatioun soll sech awer berouegt hunn, fir dass hier Diplomiwerrerrechnungen ouni Restriktioune kennen ofgehale ginn.

Fir d'Unien wënschen si sech dass do séier op internationalen Niveau gehandelt gëtt, well d'Primaner sinn sech bewusst dass vill europäesch Länner an der selwechter Situatioun sinn. Dofir wënschen se sech dass den Educatiounsministère Situatioun am Bléck hält an eventuell Drock op europäeschen Niveau mëscht. Dobäi wënschen si sech och transparent Informatiounen fir an de bescht méigleche Konditiounen hier Zukunft no der Premier ze plangen.


Allgemeng Recommandatiounen:

An Zukunft géing et sech am Kontext um e-Learning an der Schoul doheem ubidden d'Enseignantë besser op esou Zenarie virzebereeden, et sollen zum Beispill Tutoriels fir Proffen ausgeschafft ginn.

- Allgemeng solle méi Formatiounen am Beräich Digitaliséierung an Ëmgang mat digitale Medie vir all Enseignanten ugebuede ginn.
- Eventuell Übungsdeeg vir Situatioune wéi des, oder Deeg wou d'Schoul wéinst anere Grënn ausfällt (Wiederkonditiounen, etc.)

D'CNEL wëll dem Här Minister Claude Meisch an dem Ministère de l'Éducation Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse villmools Merci soen fir dësen Avis a Consideratioun ze huelen a wënscht allen eng gutt Gesondheet an dësen schwierigen Zäiten.

Kimon Leners
President CNEL



¹ <https://luxtimes.lu/luxembourg/40177-pupils-in-limbo-after-ib-exams-called-off>